N°4596
Entrée le 07.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.08.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 7. August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden.

An engem Artikel, deen de 5. August 2026 am *Luxemburger Wort* publizéiert gouf, gouf iwwer de Fall vu verschiddene Frae bericht, deenen d'Iwwerhuele vun de Käschte fir de Remplacement vun enger Broschtprothees refuséiert gi wier. Déi betraffe Protheese waren am Kader vun enger Broschtrekonstruktioun no enger Broschtkriibserkrankung agesat ginn. Als Begrënnung wier eng intrakapsulär Ruptur ugefouert ginn, well d'Käschteniwwerhuelung dem Artikel no an der Praxis nëmme bei enger extrakapsulärer Ruptur accordéiert géif ginn. Dem selwechten Artikel no hätt de *Conseil arbitral de la sécurité sociale* de concernéierte Patientinnen an zwou Decisiounen aus dem Mee an dem Juni 2026 Recht ginn.

Dobäi hat d'Madamm Ministesch an hirer Äntwert vum 31. Mäerz 2025 op d'parlamentaresch Fro Nr. 1854 vum 28. Januar 2025 erkläert, datt de Remplacement vun enger Broschtprothees vun der Gesondheetskeess iwwerholl gëtt, virausgesat, datt de CMSS (Contrôle médical de la sécurité sociale) seng virausgoend Autorisatioun gëtt. Ausserdeem, esou d'Madamm Ministesch, misst d'Ruptur duerch eng Echographie oder eng MRT dokumentéiert ginn. Dës Äntwert, déi op d'Statute vun der CNS verweist, mécht awer keen Ënnerscheed tëscht enger intrakapsulärer an enger extrakapsulärer Ruptur. Och d'Statute selwer gesinn esou en Ënnerscheed net vir.

Dëse Fall werft Froen op iwwer d'Transparenz vun den Decisiounen, d'Berécksiichtegung vun den Aschätzunge vun de behandelnde Spezialisten an d'Applikatioun vun de Statute vun der CNS.

An deem Kontext stellen ech der Gesondheetsministesch follgend Froen:

1. Ass der Madamm Ministesch dëse konkrete Fall bekannt? Wa jo, wéi bewäert si d'Decisioun vum CMSS?

2. Op wéi enge medezineschen a juristesche Critèrë baséiert d'Decisioun, eng Broschtrekonstruktioun mat engem Implantat net ze rembourséieren, obwuel dës medezinesch recommandéiert ass?



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

3. Wéi gëtt garantéiert, datt d'Aschätzunge vun de behandelnde Spezialisten an esou Fäll dat néidegt Gewiicht kréien?

4. Wéi vill Demanden am Beräich vun der Broschtrekonstruktioun no enger Broschtkriibserkrankung goufen an de leschte fënnef Joer ganz oder deelweis refuséiert, a wat waren déi heefegst Grënn dofir?

5. Ass d'Regierung bereet, d'Critèrë fir d'Iwwerhuele vu Broschtrekonstruktiounen an d'Praxis vum CMSS an dësem Beräich iwwerpréiwen ze loossen, fir sécherzestellen, datt medezinesch begrënnten Traitementer net opgrond vun enger ze enker Interpretatioun vun de Bestëmmungen oder aus reng administrativen Grënn refuséiert ginn?

6. Gedenkt d'Madamm Ministesch, d'Prozeduren an d'Motivatioun vun den Decisioune vum CMSS méi transparent ze gestalten an d'Recoursméiglechkeete fir d'Patientinnen ze stäerken?

Mat déiwem Respekt

Taina Bofferding

Deputéiert

**#ZESUMMEN**

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**